ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Juli 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

De Moment lafe jo flächendeckend COVID-Tester am ganze Land. E Mëttwoch gouf eng Grafik publizéiert no Kantoner. Do fält op datt de Kanton Esch mat 329 positiven Tester un der Spëtzt vum Land leit. Ech hat en Donneschdeg der Madamm Minister beim Corona-Gesetz heizou spezifesch Froe gestallt wouropper ech keng Äntwert krut.

An dësem Kontext stellen ech der Madamm Gesondheetsminister gäer folgend Froen zu de positiven Tester am Kanton Esch:

1. Dës positiv Tester, am Kanton Esch, sënn dës generell verstreet?

2. Wann net, sinn déi dann op ominéis Infektiouns-Clusteren zréckzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten